# LES SACRIFIES

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




N° 7-8/1979

18e année

Prix : 15.- frs. lux.
Abonnement: 120.- frs

## Monument aux Morts Beyren

Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

da kënt dat dohir, well an deser Chamber:

1. eemol e Gesetz gestëmmt gin as, dat a verschiddenen vu sengen Artikelen eng ganz Generatioun vu Lëtzebuerger ongerecht behandelt huet, an
2. well duerno a kenger Legislaturperiod sech eng Chambermajoritéit fond huet fir all des Diskriminatiounen oofzeschaafen.

Ouni hei wëllen de ganzen Historique vun der zwangsweisen Verschleefung vu Lëtzebuerger Meedercher a Jongen zum preisesche Militär an zu paramilitäreschen Formatiounen während dem II. Weltkrich ausenanerzeleen, (a spéideren Debatten gët dat bestëmmt méi wichteg!) huelen ech virop Stellung zum Punkt «Enrôlés de Force» an der Regierungserklärung vum 24. Juli deses Joer.

Am Dommages de Guerre-Gesetz vum 25. Febuar 1950 huet den deemolegen Gesetzgeber am Artikel 36 eng Opzielung vun de Victimes Patriotiques hei zu Lëtzebuerg gemat. An deser Opzielung fehlen d'Lëtzeburger Meedercher a Jongen vun de Joergäng 1920 bis 1927, déi Nazidäitschland, well d'Lëtzebuerger Vollëk sech géint d'Nazifizéirung mat Leiw a Séil gewiert huet, an aplaatz se direkt a K.Z, Prisong an Déportatioun auszerotten, un de geféierlechste Fronten verbludde geloos huet. D'Verloschtzifferen schwätzen eng däitlech Sprooch a beweisen des Behaaptung. Méi wéi 40% vun desen Naziaffer hun hir Heemecht iwwerhaapt nët méi eremgesin. Dat as e Prozentsaatz, dee méi héich as, wéi an irgend engem anere Land, wat um II. Weltkrich bedeelegt war, mat Ausnahm fläigt vu Russland, wou genau Chifferen mir nët bekannt sin. Et as dat och eng Verloschtziffer, déi méi héich as, ewéi déi vun onse Compatrioten an de KZter, Prisongen an an der Déportatioun.

Wann den Gesetzgeber och nët ausdrécklech gesot huet, d'Enrôlés de Force wäre keng «Victimes patriotiques», da freet awer jiddereen sech, virwat hien se bei deser Opzielung ewechgelooss huet. An e weideren Zweiwwel un hirer Haltung gët dann och nach konfirméiert, andeem hier Entschiedegung anescht as, wéi déi vun den patrioteschen Victimen. A si as nët nëmmen anescht, mais och manner. Wann dat nët esou wär, a wéi falsch Informatiounen et beweise wëllen, da géiw d'Astufung an den Artikel 36 jo keng finanziell Folgen mat sech brengen.

Wat schlussfolgeren also irgendwellech Analitiker, Geschichtsschreiwwer, ons Kanner oder spider Generatiounen, wa si dest Krichschiedegesetz duerchkucken? Ma ganz einfach, dass d'Lëtzebuerger Jugend aus dem Krich hir Pflicht vis-à-vis vun der Heemecht nët esou gemat huet, wéi aner gudd Lëtzebuerger, déi ausdrécklech als Affer vun hirer patriotischer Haltung opgezielt sin!

Nu wësse mir awer all, déi des schrecklech Zäit materliewt hun, dass dat absolut nët esou war; dass des Meedercher a Jongen des Schmo an Diskriminatioun absolut nët verdingt hun, mais dat hei eng grouss Ongerechtegkeet néier-



geschriwwe gin as. Dierf ech dach drun erënneren, wéi jhust d'Jugend vun deemols op dem Gauleiter Simon seng Nazifizéirungsmethoden reagéiert huet. D'Folge waren, fir nëmmen der e puer ze nennen: Deportatioun vun onse Stodenten an d'Erzéihungslager zu Stahleck, vun de Meedercher aus der Normalschoul an Ostdäitschland, a vun de Jongen aus de Léierbuden no Ruwer an e Lager. Awer och d'Haltung vun den Enrôlés selwer, wéi et effektiv zu der Anzéihung komm as, dierf nët vergiess gin. Ronn 3.500 désertéiren, verschwannen am Ennergrond, am Maquis an an der Armée blanche; dauchen erëm op an den alliéierten Arméien an huelen deel un der aktiver Resistenz géint den Ennerdrécker. Vill schlëmer gouw et dun nach, wéi Däitschland als Revanche «d'Sippenhaft» agefouert huet. Wann d'Meedchen oder de Jong sech dem Zwang nët gebeugt huet, da sin d'Mamm, de Pap, d'Geseschter an nach aner Familjenugehéierech als Geisel geholl gin. Aus enger nationaler Gewëssensfro gouw och nach eng Familjefro. An eng weider Fro wëll ech hei nëmme jhust an de Raum stellen: Ware genuch Leit bereet fir weider 9.000 Refraktären ënner Daach ze huelen? A wat wieren dat Folge gin fir onst d'ganzt Vollëck!? Déi, déi hei ans do de Mond esou grouss opdin an ons soen: «Dir hätt jo nët bräichen ze goen!», déi froe mir op si iwerhaapt hei am Land waren a wossten wat lass war?

Derbäi koum, dass ons Exil-Regierung opgefuerdert huet, d'Zäit vun der Ausbildung iwwert sech ergoen ze loossen, fir dann, bei déir éischter beschter Geleegenheet iwwerzelaafen. An ech froen dann: «Wou as deen, deen dem Enrôlés de Force de Reproche mecht, den Uweisungen vu senger Regierung Folleg geleescht ze hun, fir dann beim Iwwerlaafen mat enger preisescher Kugel am Réck säi Liewen an der russescher Stepp auszehauchen oder an der Gefaangeschaaft ze krepéieren, oder nach ze stierwen, wéi onst Land scho längst befreit war an d'Hëllef nët rechtzäiteg kom as?» Et war vill méi liicht iwwert de Pull ze ruffen: «Jongen laaft iwwer, et as alles an der Rei!, wéi et ze maachen en näischt an d'Rei ze brengen an d'Hellef op sech warden ze loossen. (Niewebäi bemierkt. Et geht ons haut erëm wéi deemols. D'Fransousen haten hir Krichsgefaangen scho laang heemgeholl, während an engem Joer duerno déi meescht vun eise Jongen eréischt an der Gefaangenschaaft gestuerwe sin. Haut hun d'Fransousen déi éischt Entschiedegung fir hir «Malgré-Nous» vun den Däitschen an der Tesch, iwwerdeem mir eréischt knapp mat Verhandlungen ufänken!)

Awer erëm z'réck zu déier schrecklecher Zäit. Aus der Begeeschterung vun de Joerhonnertfeieren vun onser Onoofhängegkeet, an aus dem Drang der Heemecht ze dingen, huet all Enrôlé de Force nëmmen drop gewaart fiir senge Méiglechkeeten no Sabotage a «Wehrkraftzersetzung» ze dreiwen. Dobäi gouwen der vill erwëscht an d'Resultat war: Prisong; Stroofkompanie, Folter an Erschéissung. Wann och munchereen nët direkt zum Doud veruertelt gouw,



dann huet en awer mam Verloscht vum Liewen seng Haltung a säi Mut bezuele missen. An dem Zesummenhangk siew nëmmen un Muerden vun 89 Lëtzebuerger Jongen erënert, déi zu Sonnenburg 24 Stonnen virun hirer Liberatioun erschoss gi sin.

An da froen ech: «Hun all des Lëtzeburger hier Pflicht vis-à-vis vun der Heemecht nët gemat? Ob se gestuerwe sin oder haut nach liewen, well se d'Chance haten, nët erwëscht ze gin? Waren all déi, déi mat «Vive ons Grand-Duchesse», Vive Lëtzebuerg!» um Erschéissungspoteau hiert Liewe gin hun, nët d'Affer vun hirer patriotescher Haltung? Sin all des Fakten nët de Bewäis vun der Heemechtsléiwt an der Bereetschaft vun der deemoleger Jugend sech ze afferen am Déngscht vum Vollëck? A mussen déi, déi bis haut Geschécker vun onsem Land geleet hun, — oder hätte solle leeden, — sech nët schummen, dat déiselwecht Jugend vun deemols haut nach em hir gerecht Behandlung streide muß, a gezwongen gin as, hir Vertrieder an dest Parlament ze schécken?»

Den 10. Juni hun d'Enrôlés de Force, hir Frënn an Sympathysanten, géint all Erwardungen, eng ganz däitlech Sprooch geschwat. Vun hei aus siew hinnen alleguer nach eng Kéier de Merci versëchert vun der Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force.

Et freed ons all, dass des Regierung an hirer Déclaratioun de Wonsch ausgedréckt huet eng définitiv a gerecht Léisung ze sichen an ze réaliséiren.

## WAT WELLEN D'ENROLES DE FORCE ?

Firewech wëll ech ganz kloer präziséieren, dass hir Fuerderungen nach ëmmer genau déiselwecht sin, nie changéiert hun an och bleiwen. Zwar as an der Vergaangenheet den Akzent mol méi op des Konsidératioun op nationalem Plang geluecht gin, mol woren et méi international Iwwerleeungen, déi ervirgestrach gouwen. Awer de Kär vun onse Fuerderungen war, as a bleiwt deeselwechten: Réhabilitatioun vun enger ongerchter Behandlung an engem lëtzebeurgesche Gesetz an eng kloer Beurdeelung vun der Haltung vun der lëtzebuergescher Jugend am Krich, déi der Wourecht entsprëcht.

Mir stelle keng nei Fuerderungen a verlaangen absolut keng Erweiderungen vun de Bestömmungen aus dem Dommages de Guerre-Gesetz. Mir wëlle kengem eppes ewechhuelen a gonne jidderengen dat, wat hien huet. Mir wëllen näischt, wat ons nët zousteet. Awer mir verlaangen, dass déi ongerecht Behandlung vun enger ganzer Generatioun am Dommages de Guerre-Gesetz vun 1950 veschwënnt, an dass och d'Enrôlés de Force am Artikel 36 opgezielt gin. Wann dat geschit, hu mir Satisfaktioun.

Leider, an ech soe leider, well vill ze dack Géigner vun ons dest als Argument géint ons agesat hun, an dat wat mir verlaangt hun anescht interpräteiert hun. Leider ergët sech aus deser Astufung an den Artikel 36 och eng



finanziell Suite. Mir E.d.F. mussen d'Recht op déiselwecht Entschiedegung hun, wéi déi aner Victimes patriotiques. Well, wann ons nët datselwecht Recht zougestaane gët, da bleiwt eng Diskriminatioun bestoen, wéi och den Zweiwel iwwert ons Haltung am Krich. Heiranner kënne mir och kee Kompromëss akzeptéieren. Awer, woumadde mir ëmer d'accord waren, an och nach sin, dat as de Modus wéi de finanzielle Schued ausbezuelt soll gin.

D'Enrôlés de Force, als Bierger vu Lëtzebuerg, hun an deser Fro ëmmer eng ganz kloer Stellung bezun. Si sin der Meenung, dass et nët um Lëtzebuerger Steierzueler as, fir eppes ze bludde missen, wat hien nët verbrach huet. Au contraire! Si sin iwwerzeegt, dass den Nofolger vun Nazi-Däitschland d'Laascht vun dese Verbrieche drue muss. Elo as et awer esou, dass nët de Bierger ka mam Nofolger verhandelen, mais seng Regierung. Un der Regierung as et also déi néideg Démarchen a Verhandlungen mat Nodrock ze féiren, fir dass des Créance erakënt. Wann natierlech ons Regierung, aus wat fir Grënn och ëmmer nët wellt oder nët kann déi néideg Fongen vun déisäit der Musel erandreiwen, kënnen d'E.d.F. duerwéint nët forcéiert gin, op hir gerecht Fuerderungen ze verzichten.

Mat der Réalisatioun vum sougenannten Projet Grandgenet, oder méi präzis, dem Gesetzprojet Nr 1790, zudeem de Conseil d'Etat säin Avis den 22. Dezember 1978 gin huet a wouriwwer d'Spezialkommissioun den 23. Mee 1979 hir Meenung gesot huet, wär nëmmen en Deel vum ufällege Probleem geléist gin. An hirem Rapport vum 8. März 1979 huet d'Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force, no verschiddenen Entrevüen mat dem Här Emile Raus, Rapport, deen am Besëtz vun der Regierung wéi och vun der Chamber as, ganz däitlech gesot, wéi de gesammte Problem ze léisen as. Ech sin iwwerzeegt, dass op deser Basis en Accord am Intérêt vun den Enrôlés de Force, wéi och an deem vun onsem Land fond ka gin.

Wat d'Oppositioun ubelaangt, déi vu ganz bestëmmte Leit kënnt, mengen ech, sollt een keen allze grousse Wert léen. Si entsprëngt ganz bestëmmt aus dem Krees vun enger klenger Zuel vu Persounen, déi aus perséinleche Iwwerleeungen oder Rankünnen mengen, den E.d.F. e Succès nët kënnen ze gonnen. Et as dach keen heibannen, dee gleewt, déi Leit, déi mech verstoppt a ravitailléiert hun, hätte mech nët als gudde Patriot consideréiert an weider consideréieren. Dass all déi gudd Lëtzebuger, déi hiert Liewen an hiert Verméigen op d'Spill gesaat haaten, fir jong Lëtzebuerger ze retten, des Lescht haut als Bierger zweeter Klass ukucke géingen, dat soll dach jo nëmme kee gleewen. Grad ewéi all déi Passeuren, déi d'gréisste Risiken op sech geholl hun, si géingen haut hir Schützlingen vun deemols verkennen!? Neen! Déi Leit, déi deemols zu ons, zu hire Jongen a Meedercher stongen, si stin och nach haut zu ons!

An duerfir, dir Damen an dir Hären, sin ech iwwerzeegt, dass des Chamber mat der Regierung an nationaler Solidaritéit ee fir allemol an engem gerechte Sënn dese Problem als direkt Folleg vun der Zwangsrekrutéirung léist.

Ech wëll ower och drop hiweisen, dass all materiell Avantagen, déi een den E.d.F. wëllt zousprìechen, nët déi moralesch Satisfaktioun ersetze kënnen. Esou wéi een och nët duerch d'Emänneren vum erwähnten Artikel 36 op Léisungen verzichte kann, déi am Zesummenhangk mat der Verschlechterung vum Gesondheetszoustand vun den Nazzi-Affer stin. Ech erënneren domadden un de Gesetzprojet Jean Gremling, Nr 2166, deen eng fräiwëlleg, fréizäiteg Pensionéirung vun den Nazi-Affer fiirgesäit. Ech sin frouh festzestellen, dass am Regierungsprogramm esouwuel rieds geet vun enger «plus grande flexibilité de l'âge à la retraite», wéi och iwwert eng «reconsidération des caractères de la préretraite.»

Zwar huet d'Gesetz vum 26. März 1974, iwwert den Zouschoss bei fréizäiteger Invaliditéit, villen E.d.F. an hiren Hannerbliwwenen vill geholleф, ma méi kloer a gerecht Verbesserungen dränge sech op, a mussen ënnerschidlech Behandlungen verschwanne loossen.

Wéi Delegéiert vun den E.d.F. décidéiert hun, aktiv an d'Landespolitik anzegräifen, wor hinne kloer, dass hir eventuell Vertrieder an der Chamber sech nët nëmen mat Problemer befaasse kënnten, déi am direkten Zusummenhangk mat Zwangsverschleefung stoen géingen, ma dat se sech och mat aner politisch Problemer ofgi missten. Esou wéi a schwéirer Zäit d'E.d.F. an hir Frënn sech fir d'Wuel vum Land agesat hun, esou wëllen och hir Vertrieder hei a konstruktiver Arbecht mathëllefen, d'Geschécker vun der Heemecht ze gestalten.

An desem Sënn begréissen ech et, dass des Regierung beabsichtegt, an ech bieden d'Memberen vun deser héiger Versammlung aktiv derzou bäizedroen, dass de Klima, d'Arbecht, d'Leeschtungen an d'Usin vun deser Chamber tatsächlech revaloriséiert a besser gin. Eng Regierung dierf nët einfach d'Vollecksvertrieder, wéi an der Vergaangenheet een et dack vun der Zuschauertribün eroof bebachte konnt, zu einfache Statisten dégradéiert gin. An an deemselwechte Sënn erwarde mir och, dass déi kleng Parteien oder Gruppen hei nët einfach vun deene groussen (esou wéi zu Stroosbuerg am Europaparlament elo) op d'Säit gedréckt gin. Well, dir Dammen an dir Hären, d'Politik soll a muss vun de politischen Parteien gemat gin, an ech betounen nach eng Kéier, et hätt nie därfen zu der Opstellung vun eegene Lëschten vun den Enrôlés de Force kommen, wann déi responsabel Politiker deenen hir Problemer matzäiten geléist hätten. Dat haut, méi wéi 30 Joer no der schwärzester Zäit fir Lëtzebuerg, nach iwwert d'Folgen dovunner gestridde muss gin, an d'Jugend vun haut gezwongen as, sech domadden ze befaassen, as bestëmt nët d'Schold vun den Zwangsrekrutéierten, ma ausschließlech d'Schold vun deene Leit, déi des Situatioun geschaafen oder déi bestoend Problemer nët aus der Welt geschafft hun. Den Erfolleg vun den E. d. F. hire Wahllëschten soll also eng Warnung, ma kee Beispill zum Nomaache sin.

Menger Opfaassung no, as des Regierungserklärung zimlech vague gehalen, esou wéi verschidden vun de Viirriedner et richteg erviergestrach hun. Kloer a konkret Viirstellungen fehlen op ville Plaazen. Esou hätt missen d'Ennerstëtzung an d'Hëllef fir de Mëttelsand vill méi genee präziséiert gin. Zwar wëllt des Regierung d'Gewerbesteier an d'Lounsummesteier lues a lues oofbauen. Nët nëmmen, dat mir als Nazi-Affer bedaueren, dat déi an onsem Land vun de Preisen agefouert Klassesteieren nach weiderbestin, während se an Däitschland scho laang offgebaut sin, mais des Steieren hätten an der viirechter Legislaturperiod misse massiv reduzéiert gin. Et as äusserst wichteg, dat des Regierung op schnellstem Wee dat nohëllt, wat virdrun versäumt gin as . . Et dierf also nët de Fehler gemat gin duerch Waarden, bis dat den Handel an d'Handwierk esou déiw an der Krisis stiechen wéi ons Schwéierindustrie, an de Staat da gezwongen gët, mat massive Steiermëttelen dann ze retten, wat nach ze retten as. Et as elo eng vun deene virdrënglechsten Aufgaben vun deser Legislativ scho fir d'nächst Joer d'Plafongen vun der Gewerbesteier an der Lounsummesteier massiv eroofsesetzen a bis spéidestens an dräi Joer komplett oofzeschaafen.

Mir bedaueren, dass an deser Regierungserklärung d'Urechnung vun der Zäit zur Pensioun, déi lëtzebuergesch Jongen an der Lëtzebuerger Armée verbruecht hun, mat kengem Wuert erwähnt gin as. Ech hoffen, dat dest nach nogeholl gi kann.

Ech widderhuelen: Op Grond vun den Angaben an deser Regierungserklärung as et mir nët méiglech, der Regierung e Blankoscheck auszestellen. Ma ech hun awer och nët d'Recht hier vu vireran mei Vertrauen ze entzéihen. Hir Arbechten a Leeschtungen am Interessi vun alle Bierger am Land bestëmmen also an Zukunft meng jeweileg Positioun .

## Jean Gremling (Député Soc. Ind.)

Das Regierungsprogramm enthält eine Erklärung, die ich begrüße, und zwar die, daß die Regierung sich bemühen wird, das peinliche Problem der Zwangsrekrutierten einer endgültigen und gerechten Lösung zuzuführen. Bekanntlich habe ich die Forderungen der Zwangsrekrutierten während der letzten Regierungsperiode ohne Unterlaß unterstützt, was unbedingt notwendig war zur Heilung einer regelrechten Wunde unseres Landes, zur Lösung eines Problems, das die Parteien von Wahl zu Wahl wie eine schwere Last mit sich schleppen mußten.





Am 14. 3. 1977 hatte ich folgende Interpellation angekündigt: «Interpellation sur la nécessité et sur la possibilité actuelle de régler définitivement le problème national des enrôlés de force.» Diese Interpellation wurde während Monaten blockiert und konnte erst im Herbst 1977 vorgetragen werden. Die frühere Regierung schlug meine Forderungen ab. Inzwischen haben Neuwahlen stattgefunden und die Zwangsrekrutierten, die in den Wahlbezirken des Nordens, des Südens und des Ostens eine Liste vorgelegt hatten und meine Wahlliste im Bezirk Zentrum unterstützten, auf Grund einer Wahlallianz, haben einen offensichtlichen Erfolg errungen. Auf parlamentarischer Ebene werde ich meine Zusammenarbeit mit Herrn Joseph Weirich fortsetzen. Wir haben fast alle Programmpunkte gemeinsam, unter Berücksichtigung der Gewissensfreiheit, die wir, unserer Auffassung der Pflicht eines Abgeordneten gemäß, gegenseitig gelten lassen.

Ich beglückwünsche die Regierung, aus der heutigen Lage und dem Wahlergebnis die einzig möglichen Schlußfolgerungen gezogen zu haben, denn ich muß annehmen, daß sie keine Hintergedanken hat und fest gewillt ist, dieses Problem einer endgültigen Lösung zuzuführen und die Sache nicht auf die lange Bank zu schieben. Dieses Problem zeigt zwei Aspekte auf und vor allem den der Abänderung des Kriegsschädengesetzes von 1950 im Sinne der Gleichheit aller Naziopfer. Den ehrunwürdigen Diskriminierungen der Zwangsrekrutierten als Naziopfer muß ein Ende gesetzt werden. Und wenn einige eine gewisse Opposition betreiben, so handelt es sich um ein Mißverständnis, das schnell beseitigt werden wird. Es handelt sich hier um ein Kriegsschädengesetz, das heißt ein Gesetz zur Wiedergutmachung der Kriegsschäden und nicht um ein Gesetz zur Austeilung von mehr oder weniger hohen Resistenzauszeichnungen. Die Resistenzler haben die von den Zwangsrekrutierten im ganzen Lande vorgelegten Petitionen zu tausenden unterzeichnet. Im ganzen wurden mehr als 40.000 Unterschriften gesammelt. Die Resistenzler sind durchaus der Meinung, daß die Zwangsrekrutierten Genugtuung erhalten sollen. Es handelt sich also um ein Kriegsschädengesetz und nicht um ein Gesetz über Vaterlandsverdienste. Niemand will den Resistenzlern ihre Verdienste abstreiten und ich glaube, daß etwaige Mißverständnisse in dieser Hinsicht rasch behoben wären.

Hier stellt sich ein moralisches Problem, aber an der materiellen Entschädigung kommt die Regierung nicht vorbei. Sie kann die Lösung dieses Problems nicht vom guten Willen des Nachfolgers des Dritten Reiches, der BRD, abhängig machen, denn dann kommt es nie zu einer Lösung. Sie muß das Problem jetzt auf nationaler Ebene lösen und dann wird es viel einfacher sein, die Wiedergutmachung von der BRD zu verlangen.

Die Regierung soll sich aufrichtig und zwar sofort bemühen und mit den Zwangsrekrutierten, ihrer qualifizierten Vertretung, Kontakt aufnehmen.

Der zweite Aspekt dieses Problems, der klar im Protokoll der Unterredung des Herrn Raus mit den Zwangsrekrutierten umrissen ist, ist der der frühzeitigen Pensionierung. Es ist die Frage, die Gegenstand meiner Gesetzesvorlage ist zur frühzeitigen fakultativen Pensionierung der Kriegsopfer und Festsetzung der entsprechenden Pensionszuschläge. Beide Probleme sind eng miteinander verbunden, wie Herr Jos. Weirich noch ausführlicher erklären wird.

Im Begründungsbericht meiner Gesetzesvorlage wird darauf hingewiesen, wie hoch die Sterblichkeitsrate der Zwangsrekrutierten ist und daß im Kriegsschädengesetz ein Invaliditätssatz von 66 2/3 vorgesehen wurde mit dem Argument, daß es dem Land an Arbeitskräften fehlen würde. Jetzt ist es genau das Gegenteil, so daß dieses Argument entkräftet ist. Die Kriegsopfer, die es als nötig empfinden, aus dem Arbeitsverhältnis auszuscheiden, müssen auf Antrag frühzeitig in den Ruhestand treten können. Es soll sich um eine fakultative frühzeitige Pensionierung handeln. Zu Recht hatte ich am 16. 2. 1978 im Begründungsbericht meiner Gesetzesvorlage festgehalten: «Incidemment la loi aura un effet bénéfique sur le marché du travail en libérant un nombre appréciable d'emplois de tout genre au bénéfice des personnes sans emploi ou menacées de chômage.»

Wenn dieses Problem in seinen zwei Aspekten gelöst wird, hat die Regierung ein Werk vollbracht, das nicht in Vergessenheit geraten wird.

Da ich aus Zeitgründen nicht auf alle Aspekte der Regierungspolitik eingehen kann, möchte ich abschließend noch betonen, daß ich als Oppositionsabgeordneter wohl die Verdienste der Regierung anerkennen kann, wenn sie tatsächlich Verdienste nachzuweisen hat, daß ich die Vertrauensmotion der Mehrheitsparteien aber ablehnen muß, denn auf Grund dieser seichten Regierungserklärung wird die Politik dieser blau-schwarzen Koalition in der Abwicklung der laufenden Staatsgeschäfte bestehen, was für eine Rechtsregierung normal ist. Ich werde also gegen die Vertrauensmotion stimmen.

**RAD ZINNOWITZ**
**Oktober bis Dezember 1942**

**Zwecks eventuellem Konveniat d'Adressen vun allen démolegen Betraffenen wannechgelift aschecken un :**

**Jean Moris**
**310, route de Longwy — Lëtzebuerg.**

# Stimme aus der Bundesrepublik Deutschland

**Nachfolgend drucken wir einen Artikel ab, den Adolf Müller schrieb und im «Sonntagsgruß», dem evangelischen Wochenblatt an der Saar, Nr. 26 vom 1. Juli 79 veröffentlicht wurde.**
**Besagter Artikel erschien in einer ganzen Re ihe Zeitungen in der B.R.D.**

# Aus dem Heimaturlaub in den Untergrund

**Luxemburgische Zwangsrekrutierte verlangen ihr Recht — Neu auch im Parlament.**

### Luxemburgische Zwangsrekrutierte

Für die Saarländer ist eine Fahrt ins Großherzogtum Luxemburg gerade ein Katzensprung. Die Beziehungen sind, oberflächlich gesehen, gut, aber wer häufiger im Großherzogtum zu tun hat, spürt schon Reserven gegenüber den Deutschen. Sie kommen nicht von ungefähr, aber die Deutschen haben die Gründe nie erfahren oder einfach verdrängt — bekanntlich die so oft geübte Form der Bewältigung einer schweren Vergangenheit. Bei den Parlamentswahlen am 10. Juni in Luxemburg brachte die Gruppe der Zwangsrekrutierten der ehemaligen Deutschen Wehrmacht ihren Präsident Jos Weirich in die Volksvertretung — Anlaß für unseren Mitarbeiter Adolf Müller, einen düsteren Abschnitt in den Beziehungen zwischen Deutschland und dem Großherzogtum zu umreißen.

**Sommer 1943. Ein Priester schlendert durch den weiträumigen Garten des katholischen Pfarrhauses im luxemburgischen Bettembourg. Niemand beachet ihn über Gebühr, auch nicht die deutschen Besatzungstruppen, die Anlaß zur Kontrolle gehabt hätten, ist doch der Herr in der Soutane ein junger Luxemburger, der ein Jahr zuvor unter die deutschen Fahnen gepreßt worden war, beim ersten Heimaturlaub in den Untergrund ging und anschließend vom Curé von Bettembourg versteckt wurde.**

In diesen Tagen zieht derselbe Mann als Abgeordneter der «Enrôlés de Force», der Zwangsrekrutierten der ehemaligen Deutschen Wehrmacht, ins luxemburgische Parlament ein. Er will die Sache seiner Kameraden mit Nachdruck ins Bewußtsein der Oeffentlichkeit bringen, der luxemburgischen wie der deutschen — Jos Weirich, Jahrgang 1922, Kaufmann und Fabrikant in Düdelingen. Sein Schicksal steht für die verkorksten Beziehungen zwischen der Bundesrepublik und dem Großherzogtum. Der Groll sitzt tief auf Luxemburger Seite, auch wenn es der flüchtige deutsche Tourist nicht merkt.

Die Belastungen setzten nicht erst am 10. Mai 1940 ein, als die Deutsche Wehrmacht zum Auftakt des Frankreichfeldzuges Belgien, Holland und Luxemburg besetzte. Schon zuvor hatten die Luxemburger den übermächtigen Nachbarn im Osten mit Argwohn betrachtet. Am 7. August 1940 gliederte ein «Führererlaß» das Elsaß, Lothringen und Luxemburg in die deutsche Zivilverwaltung ein. Militärische Befehlshaber hatten fortan keine Verwaltungsbefugnisse mehr. Der Chef der Zivilverwaltung, Gauleiter Gustav Simon, der meistgehaßte Deutsche in Luxemburg, ein kleingewachsener Volksschullehrer aus dem Hunsrück und als «Giftzwerg von Hermeskeil» gefürchtet, unterstand direkt Hitler.

Zwei Jahre später machte eine Verordnung im Reichsgesetzblatt die Einwohner des Elsaß, von Lothringen und Luxemburg zwangsweise zu Deutschen, ungeachtet der Haager Landkriegsordnung von 1907, die bestimmt, daß besetzte Gebiete nur durch einen Friedensvertrag dem Sieger zufallen können. So erklärte auch der Kontrollrat 1949 diese Verordnung als von Anfang an ungültig.

Den Luxemburgern nutzte das im Krieg nichts. Von August 1942 bis zum Ende der Besatzungszeit 1944/45 holte die Wehrmacht rund 12000 junge Männer unter ihre Fahnen, die weitaus meisten gegen ihren Willen, einige freiwillige, wie es überall Söldnernaturen gibt. Und hier argumentiert Jos Weirich, seit Jahren Präsident der «Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force» und heute ihr erster und einziger Abgeordneter, mit mehr als sieben Prozent der Wählerstimmen ins Parlament geschickt: «Gauleiter Simon hat nach den fruchtlosen Versuchen, Luxemburg im Guten für die Nazis zu gewinnen, 1942 damit begonnen, die Jugend auszurotten, um den Widerstand zu brechen. Die Jungen wurden in den deutschen Garnisonen lediglich eingekleidet und dann sofort nach Rußland transportiert. An der Front holten die Einheiten dann eine kurze Ausbildung vor dem Feind nach. Das Ergebnis können Sie sich ausmalen. Wenn Sie die rund 3500 Deserteure abziehen, verlor das luxemburgische Kontigent in Rußland etwa 40 Prozent seiner Männer, nämlich 3000 junge Leute.» Wer sich nicht in der Heimat absetzen konnte wie Weirich, versuchte überzulaufen. Viele büßten den Versuch im Strafbataillon, sagte Weirich. Die Zwangsrekrutierten leiteten aus der irrwitzigen Behandlung der jungen Luxemburger den moralischen Anspruch ab, als Naziopfer anerkannt zu werden. Aber damit hatten sie zunächst bei der eigenen Regierung keinen Erfolg und auch nicht in Bonn.

Das Luxemburger Kriegsschädensgesetz von 1950 («Dommage de Guerre») zählte jene Bürgerinnen und Bürger auf, die als Opfer der patriotischen Haltung galten, wie die Insassen von Konzentrationslagern und die Verschleppten, 18 Millionen DM zahlte die Bundesrepublik Deutschland damals und später 22 Millionen für






*Nei am Parlament*

*Joerzéingtelaang hun d'Verbänn vun den E.d.F. quasi ëmsoss ongeheier vill Zäit verdoen, fir dat dach endlech hire Problem, e nationalen, geléisst soll gin.*

*No dem 10. Juni 1979 dréit hire Nationalpresident, Jos. Weirich, hir Problemer selwer dohinner, a. z., an d'Chamber, fir dat se geléist gin.*

*Et freet ee sech: «War dat néideg?» 't Äntwert: «Leider jo, well soss nie eppes gemaach giew gin!»*




Körperschäden. Die Zwangsrekrutierten fielen nicht unter den Anwendungsbereich des Gesetzes ‚aus innenpolitischen Gründen, sagte Weirich. Die Entschädigung aller Naziopfer im weitesten Sinne sei dem Staatshaushalt zu teuer gewesen und so hätte man damals gespart, wo imer es anging, und hier eben bei den Jüngsten. Die Enrôlés de Force ließen nicht locker. 1967 billigte ihnen der luxemburgische Gesetzgeber schließlich den Status «Opfer des Nazismus» zu, aber nicht die Anerkennung als Opfer der patriotischen Haltung. Das Problem schwelte innenpolitisch weiter.

Bonn blieb distanziert. Das Auswärtige Amt in einer Stellungnahme anläßlich von Demonstrationen der Enrôlés bei einer Tagung der EWG-Außenminister in Luxemburg im Sommer 1971: «Der Bundesregierung ist das Problem der Zwangsrekrutierung von Luxemburgern während des 2. Weltkrieges bewußt. Seit Bestehen der Bundesrepublik Deutschland beschäftigt sich die Bundesregierung damit. Sie hat wiederholt erklärt, daß sie die Zwangsrekrutierung als einen völkerrechtswidrigen Kriegsakt ansieht und aufs tiefste bedauert. Die Fälle der betroffenen Luxemburger fallen aber nicht unter die Regelung des Bundesentschädigungsgesetzes, da die Zwangsrekrutierung kein typisch nationalsozialistisches Unrecht ist. Entschädigung für aus dem Krieg herrührende Maßnahmen sind nach Artikel 5 Absatz 2 des Londoner Schuldenabkommens, das auch von Luxemburg unterzeichnet wurde, bis zu einer endgültigen generellen Regelung der Reparationsfrage zurückgestellt.»

Jos Weirich hofft, er könne jetzt als Parlamentarier dazu beitragen, daß Bonn sich generöser zeigt und von der starren Definition der

Zwangsrekrutierung abweicht. Dann steht das Bundesentschädigungsgesetz für die Enrôlés ein.

Dessenungeachtet sehen sie die moralische Frage im Vordergrund. Sobald Bonn sie als Naziopfer eingestuft hat, fällt auch der letzte leise Verdacht, sie hätten eventuell mit der verhaßten Besatzungsmacht im Krieg zusammengearbeitet.

Die Aussichten auf eine Ablösung dieser Hypothek auf den nachbarlichen Beziehungen zwischen der Bundesrepublik Deutschland und dem Großherzogtum sind in jüngster Zeit gestiegen. Bundeskanzler Schmidt u. Frankreichs Staatspräsident Giscard d'Estaing wollen jetzt das Problem der Entschädigung der französischen Zwangsrekrutierten der ehemaligen Wehrmacht aus der Welt schaffen und dabei sollen die luxemburgischen Fragen ebenfalls gelöst werden.

Es ist höchste Zeit.

Adolf Müller

# Lamentable querelle de frères

*A Hinzert, au lieu même ou se trouvait jadis le fameux camp de concentration des Nazis, là ou furent exécutés 20 vaillants Luxembourgeois par les bourreaux allemands parce qu'ils avaient osé protester ouvertement contre les decrets gauleitériens qui instauraient au Grand-Duché l'enrôlement forcé des classes d'âge de 1920 à 1924 (d'autres classes devaient suivre plus tard), des gens, se disant «résistants luxembourgeois» sont allés se quereller entre-eux, samedi le 1. septembre 1979 au cours de la cérémonie d'inauguration d'une stèle.*

*Il ne s'agissait nullement de querelle d'Allemand! Bien sûr, ces gens «résistants» avaient un motif: Celui de la présence des délégués des Enrôlés de Force. Ces quelques «super» sont allergiques et la simple vue de ces derniers les faits perdre la face. Ils détestent les Enrôlés de Force comme de la vermine et leur portent une haine mortelle. Que c'est abominable, un tel comportement!*

*L'incident de Hinzert, quoiqu'il nous ait ébahi, est pourtant fait à mesure pour démontrer au grand public que les Enrôlés de Force font bien de se défendre contre les opposants surgis des «forêts de la nuit.»*

*La presse de la place a relevé l'incident de Hinzert. Nous nous permettons de reproduire ci-après l'éditorial paru au «Républicain Lorrain» en date du 5. 9. 1979, et par après la prise de position de notre fédération.*

## RESISTANCE

-« Dis donc, tu penses toi, que tout sera fini quand les Allemands auront été chassés, qu'alors le pays aura retrouvé la liberté, et que tous les Français chanteront la victoire, communistes et chrétiens mêlés et que tout sera fini?».

-«Oui. je crois, dit François doucement. Je l'espère».

-«Eh bien tu te trompes. Tout ne fera que commencer».

Cette conversation entre un jeune révolté parisien s'apprêtant à traverser la ligne de démarcation et le passeur Francis de Balansun, fils de notable, relatée par Jean-Louis Curtis dans son émouvant roman «Les Forêts de la nuit» nous est venue à l'esprit en apprenant le regrettable incident survenu samedi à Hinzert dans le cadre de la cérémonie d'inauguration d'une stèle et où certains hommes de la Résistance ont prononcé l'exclusive contre les représentants des enrôlés de force. L'altercation intempestive n'a pas seulement indigné l'exministre de la Justice M. Robert Krieps, lui même ancien concentrationnaire, mais également le bourgmestre de Hinzert M. Alain Detemple qui a préféré quitter les lieux afin de ne pas être mêlé à une dispute luxembourgeoise.

Cette querelle, à l'endroit même où 20 jeunes grévistes luxembourgeois ont laissé leur vie justement pour ceux qu'on voulait exclure de la cérémonie, démontre à quel point la confusion règne encore, près de 40 ans après les événements, dans l'esprit de certains quant à la notion de «résistance».

Jean-Louis Curtis, mieux que nous, a prouvé à travers son roman que cette notion est extensible à l'extrême selon qu'elle est interprétée par des âmes pures ou par des esprits intéressés. Il ne suffit pas, en effet de se donner le titre de résistant pour être «au-dessus de tout soupçon». D'un autre côté on peut mériter ce titre, sans le posséder et sans exhiber d'innombrables médailles, pour avoir risqué sa vie et celle de ses proches, dans l'anonymat, sans faire grand bruit et sans avoir été interné dans un camp de concentration.

Les exemples ne manquent pas au Grand-Duché qui confirment la justesse de l'emplacable analyse de Jean-Louis Curtis. Pas plus tard que hier, nous avons rencontré un témoin qui nous a raconté comment un personnage très haut placé de la Résistance a accueilli le 17 mai 1940, à Lodève, des réfugiés luxembourgeois en quête d'un logement par cette apostrophe: **«Quel diable vous a envoyé, nous n'avons que faire de vous ici».**

Et puis, il y a aussi ces résistants qui, soudainement surgis des **«forêts de la nuit»** ne sont devenus courageux qu'une fois l'ennemi chassé, et ce ne sont pas les moins prétentieux.

